ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo
Presidentvun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Mee 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Déi tierkesch Regierung denkt anscheinend drunn,fir e Referendum iwwert d'Nees-Aféiere vun der Doudesstrof ofzehalen. Géif et zu esou engem Referendum kommen, wären déi tierkesch Staatsbierger, déi hei am Land liewen,opgefuerdert, hir Stëmm ofzeginn.

D'Regierunge vun eisen Nopeschlänner Däitschland, der Belsch a Frankräich esou wéi och Éisträich an Holland hu sech elo scho kloer géint d'Ofhale vun deem Referendum op hirem Territoire ausgeschwat.

An dem Zesummenhang wéilt ech folgend Froen un den Här Minister stellen:

1. Wéi ass d'Positioun vun eiser Regierung, géif et zu esou engem Referendum kommen? Géing si et der tierkescher Ambassade, respektiv engem tierkesche Konsulat erlaben, fir sech hei am Land un esou engem Referendum organisatoresch ze bedeelegen?
2. Géing si et erlaben, datt Tierken déi net zu Lëtzebuerg wunnen, kéinten op Lëtzebuerg komme fir hei un esou engem Referendum deelzehuelen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten